ADR ESCH-UELZECHT

# *Här Knaff, veréffentlecht Äert Urteel!*

*Pressematdeelung vum 30.05.2024*

Den 18. Abréll 2023 gouf den aktuellen Escher Schäffe Pim Knaff wéinst “*fraude fiscale aggravée*” verurteelt. D’Ëffentlechkeet an domat och d’Lëtzebuerger Wieler goufen eréischt den 30. Mee dëst Joer duerch en Artikel vu Reporter.lu iwwert dës Ëmstänn informéiert a konnten se net bei hirer Walentscheedung berécksiichtegen. Hien huet domat net nëmme géint Gesetzer verstouss, fir déi hien zu deem Zäitpunkt als Member vum éischte Pouvoir héchst Responsabilitéit hat, mee och de Leit kee vollstänneg Bild vun der Situatioun presentéiert. D’ADR Esch/Uelzecht fuerdert den Här Knaff op, säin Urteel ze veréffentlechen, fir op d’mannst nodréiglech Transparenz vis-à-vis vun den Escher Awunner hierzestellen, déi hien aktuell vertrëtt an iwwert deenen hir Belaanger hie matentscheet.

Matgedeelt vun der ADR Esch/Uelzecht


| | | | |
|---|---|---|---|
| ADR – Groupe parlementaire | 25, Ënneschtgaass | L-2240 Luxembourg | Tel. : (+ 352) 463742 |
| ADR – Parti politique | 11, Biirkelter Strooss | L-6552 Bärtreff | Tel.: (+352) 2620 3706 |